

Zuckmayer op grënnescher Bréck

Et war un engem vun deene leschte Egëllenen Alfraesummerdeeg. Op der grënnescher Bréck iwwert d'Uelzcht hunn ech op ëmmescht gewaart, deen sech Zäit gelooss huet, an et goung mer, wéi et engem méi dacks beim Waarde geet: d'Gedanke klammen an d'Wolleken oder klameren sech u Beem a Fiese fest, an et falen engem Saachen op an an, un déi den Honnertste geduecht hätt.

Oder hätt – mengetwegen de Vauban, deem säin Helleg-Geescht-Plateau an seng Rhumm hei iwwert engem hänken – sech dreeme gelooss, datt een hei eng Kéier dëssäit der Bréck thailännesch an dëssäit japanesch iesse kënnt, datt hei net nëmme déi ural Uelzcht mä och staarken englesche Béier leeft, datt een hei well Sprooch verlauschtere kann, déi mat där vum Louis XIV. oder där vun den Agebuereenen ëm 1684 rose wéineg ze doen hunn?

Et ass mer iwwerem Waarden déi Zeen aus engem Zuckmayer-Stéck agefall, an där en nazidäitsche General engem jéngerem Offizéier bäibréngt, wat wierklech Rass ass, a wat net alles schonn um Rhäin gelieft, gestriden, gesoff, gesongen a Kanner gemaach huet: e réimesche Kapitän, deen enger Schécks mat fluessenem Hoer Latäi bäibréngt; e jiddeschen Épicier, deen sech deefe léisst, e griicheschen Dokter, e keltesche Legionär, allmëiglech aner Zaldoten, Deserteuren, Handwierksgeesellen, Musikanten, Stroossekënschtler...

A wat solle mir da soen?! Wat huet sech dann hei bei äis un dëser Baach a ronderëm de Bock erëmgedriwwen, sech d'Käpp ageschloen, sech gâr gehat, sech vermëscht a vermiert?

Natierlech waren hei fir méi oder manner laang méi oder manner dichteg Leit op Besuch; meeschtens ongebidene an ongeruff, besonnesch nodeems dat Liss vu Görlitz äis mat Haut an Hoer un d'Burgunder verklappt hat. Se koume gewass mat engem Bucki Blummen op Besuch oder mat enger Diplomatewallis: d'Fransousen net an d'Spuenier net, keng Éisträicher a keng Preisen. An um Enn ware mer dronken a woussten iwwerhaupt net méi, wat mer gemengt hunn, wa mer soten "mir wëlle bleiwen, wat mer sinn", Hollänner oder Belsch um Enn? Eréischt wéi déi Allerlescht vun dëssäit der Musel äis op déi allerbëllegst Manéier hir Nationalitéit an eng Sprooch opschwätzen an abrigele wollten, goufe mer eeschtlech tocks-käppesch.

An dach! All dat Krichsvollek, sief et ënnert dem burgunneschen oder spuenesche Flëpp, dem XIV. Louis, dem II. Jousef oder dem Ampoljong, et huet derzou bäigedroen, datt mir äis un déi Friem, un dat Friemd gewinnt hunn. Nëmme ze gutt, well et koumen an eiser Zäit ganz aner Friemer bei äis, mat anere Wënsch as wéi no Festongen a Grenzréckelen; Mënschen, déi no Schaff a Brout an neier Heemecht gesicht hunn. Aus Polen a Jugoslawien, aus Frankräich, Belgien, Preisen, mä och aus Italien a Portugal huet et se bei äis verschloen an hunn zweet an drëtt Generatiounen sech well laang mat äis zesummegeedo.

Rass, wat ass dat? A Friemenhaass? Bei äis dat lächerlechst vun der Welt. A wa mir wëlle bleiwen, wat mer sinn, da wësse mer, datt dat nëmme zesumme mat dëse Leit goe kann. De Lëtzebuerger bräicht den Zuckmayer keng sou Priedegten ze halen.

Ech hat d'Äerm een Abléck op d'Bréckegelänner gestäipt an hunn erof op d'Uelzcht gekuckt. Um Uwwer ënnert dem englesche Pub hunn sech e puer Kanner mat ech weess net wat amesiert; kleng portugisesch Meedercher a Bouwen, hunn ech ugeholl, well bis erop war net ze verstoen, wat se geschwat hunn. Mä wann ech et verstanen hätt, – war et nach déi Mëttelmiersprooch vun hire Pappen a Mammen?

An dësem éischte Summer vum neie Joerdausend ass op eemol dat Gespenst vun engem 700.000-Stat duerch d'Zeidongen an d'Käpp gegeeschtert, an et ginn der, déi nach ëmmer net midd sinn ze prophezeien, datt a fofzeg Joer zu Lëtzebuerg kee méi lëtzebueresch schwätzt. Ja, an dann? Wat wier dann? Et wier net déi éischt kleng Sprooch, déi ënnert d'Rieder kéim, a souguer Kultursprooch wéi Latäin an Algricheschen sinn haut doudege Buschtaf.

Sou wäit si mer awer nach net. Wéi gesot, ech konnt net verstoen, wat déi Kanner ënne bei der Uelzcht geschwat hunn. Heinsdo héieren ech awer aner kleng "Auslänner", wann s'aus der Kongregationsschoul kommen, an dat hellt Gebabbels a Gestreits héiert sech un, as hätt een d'Portugisescht, d'Franséisch an d'Lëtzebueresch mat engem Schnéibiesem zu Klappschmant geschloen. An ech kennen och jonk Portugisen, déi net nëmme lëtzebueresch schwätzen, mä déi mat hirem proppere Lokaldialekt eenzock verrodde, datt se vu Réiden, Dikrech, lechternach oder Maacher kommen.

Gleef mer es, dann ass et mer ëm a fir eis Sprooch scho vill manner baang. A vergiesse mer jo nëmme net, datt déi Gäscht net mat Panzer a Kanoune koumen, datt se net ongebidene waren, mä datt mir se geruff haten, well mer se gebraucht hunn; net wéi verschidden "prominent Gäscht" vu fréier. A sou gesinn duerf een dat Wuert "Prominenz" roueg mol op d'Wo vun der Geschicht leeën.

josy braun



Guy Hoffmann